



Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vum Här Marc Hansen, Minister fir d'Fonction publique, op d'parlamentaresch Fro n° 5149 vum 26. Oktober 2021 vun den honorabelen Deputéierten Jean-Paul Schaaf a Léon Gloden

Ad Fro 1

De Gesetzesprojet n°7644, dee vum Minister fir d'Fonction publique am Juli 2020 deposéiert gouf, gesäit a sengen Artikelen 12 a 14 d'Ëmsetzung vun dësen zwee Punkte vir.

Ad Fro 2

Den Accord "relatif à la compensation de certaines contraintes liées à l'aménagement du temps de travail" vum 17. Juni 2019 tëschent de Police-Gewerkschaften, der CGFP an de Ministere fir bannenzeg Sécherheet a fir d'Fonction publique gesäit vir, datt fir déi 5 zousätzlech Roudeeg, déi ee fir ee Joer Schichtaarbecht wäert kréien, schonn dat Joer gezielt gëtt, wat just virun der Entrée en Vigueur vum zukünftege Gesetz läit. Dëse Punkt ass am Artikel 15 vun deem uewegenannte Gesetzesprojet virgesinn.

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2021.

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX